27. Juni 2017

Grondsteeleeung vun den 2 Eefamilljenhaiser zu Schëtter, 7a an 7b, Léegrond.

---

*Am Kader vu senger Logementspolitik am Interessi vu jonken an eelere Leit, vu Famillje mat Kanner a vu Mënsche mat nidderegem Akommes, huet de Gemengerot a senger Sitzung vum 25. Mee 2016 eestëmmeg de Projet vun „Bezuelbare Wunnengen" ugeholl. Dës 2 Wunnengen déi u jonk Familljen aus der Gemeng Schëtter verlount ginn, sinn elo déi éischt déi d 'Gemeng baue léisst a sinn en Zeechen fir d 'Engagement vun der Gemeng fir adaptéierte Wunnraum ze schafen.*

*D 'Käschte vun den 2 Eefamilljenhaiser am Léegrond zu Schrasseg belafen sech op ronn 1.400.000 Euro a goufe vum Logementsministär mat engem Subside vu 915.000 € ënnerstëtzt.*

*D 'Haiser mat enger Gréisst vun +- 168 m2 Wunnfläch sinn am Passivhausstandard vun der Architektin Lurdes Nunes vu Schëtter geplangt ginn.*

*Niewt dësem Projet si nach 8 aner Haiser a Planung déi d 'Gemeng bauen a verloune wëll.*

*De Schäfferot aus der Gemeng Schëtter ass deemno houfreg dëse Grondsteen, de 27. Juni 2017, a Präsenz vum Här Marc Hansen, Logementsminister, leeën ze kënnen.*

*De Schäfferot vun der Gemeng Schëtter*
*Här Jean-Pierre Kauffmann, Buergermeeschter*
*Här Jean-Paul Jost, Schäffen*
*Här Vic Back, Schäffen*

Membere vum Gemengerot deen dëse Projet op d'Been gesaat huet ass:
Jean-Pierre Kauffmann, Jean-Paul Jost, Vic Back, Jean-Marie Altmann, Michèle Diederich, Philippe Hutmacher, Pierre Liebaert, Claude Marson, Jean-Marie Ronk, Claude Theisen a Nicolas Welsch